N° 7374
Entrée le 13.12.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 13.12.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/12/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Interieur & Finanzen weiderzeleeden.**

Aktuell ginn an de Gemengeréit hei am Land d'Budgeten fir d'Joer 2023 diskutéiert an ofgestëmmt. Et ass am ëffentlechen Interessi, dass d'Gemengen nohalteg mat de Steiergelder ëmginn. Aus dësem Grond hunn déi lokal Verwaltungen streng Reegelen, wat d'Opnam vun neie Scholden ugeet.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch fir 2022 eng Opléschtung vum Scholdestand vun alle Gemenge virleeën? Wat ass d'Pro-Kapp-Verscholdung pro Gemeng?
2. Wéi héich sinn d'Recetten aus der Gewerbesteier (ICC) fir déi verschidde Gemenge fir d'Joer 2022?
3. Wéi héich sinn d'Dotatiounen aus dem Dotatiounsfong vun de Gemengen (Fonds de dotation globale des communes) fir déi eenzel Gemenge fir d'Joer 2022?
4. Wéi héich sinn d'Recettë fir déi eenzel Gemengen am Budgetsposten "Vente de Terrains" (Budgetsposten 261100) fir d'Joer 2022?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, a vun der Madamm Finanzministesch, Yuriko Backes, op d'parlamentarech Fro n° 7374 vum éierbaren Deputéierte Marc Goergen zum Sujet "Dette des communes"**

Wéi den éierbaren Deputéierten et richteg präziséiert, ënnerstinn d'Gemengefinanze strikte Reegelen, besonnesch fir d'Opnam vun neie Scholden.

Den Artikel 118 vum ofgeännerte Gemengegesetz seet: "*L'administration communale peut recourir au crédit pour financer des dépenses extraordinaires si un autre financement n'est ni possible ni économique et si le remboursement régulier des annuités est assuré*.".

D'Annuitéit entsprécht der Zomm vun den Zënsen an dem Remboursement vun der Schold op ee Joer gekuckt. Doduerch, datt d'Annuitéiten iwwert de Fonctionnementsbudget vun enger Gemeng bezuelt ginn, ass garantéiert, datt d'Gemengen net an eng Scholdespiral gerode kënnen. Déi sou erlaabte Schold déngt exklusiv dem Finanzement vun Infrastrukturen. Si gëtt enger Gemeng och nëmmen dann accordéiert, wann d'Gemeng den Emprunt iwwert hiren eegene Fonctionnementsbudget zeréckbezillt. Dëst verhënnert och, datt d'Gemengen d'Paie vun hire GemengebeamtInnen iwwer Emprunte finanzéieren.

Den Inneministère féiert keng Statistik iwwert d'Pro-Kapp-Verscholdung vun de Gemengen. Eng Gemeng kritt hiren Emprunt net op Grond vun hirer Awunnerzuel geneemegt, mee well se kapabel ass, d'Schold zeréckzebezuelen.

D'Zuele fir 2022 zu de Recetten aus der Gewerbesteier (ICC) an zu der Gemengendotatioun (FDGC) kënnen et nach net ginn, well d'Budgetjoer 2022 nach net ofgeschloss ass. D'Zuele fir 2021 fënnt den Deputéierten an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 5886.

En Tableau mam Scholdestand pro Gemeng, souwéi de Recetten um Budgetsposten "Vente de terrains" fir d'Joer 2022 ass un dës Äntwert annexéiert.

Lëtzebuerg, den 28. Dezember 2022
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding

| Gemeng | Scholdestand | Recetten um Budgetsposten "Vente de terrains" 2022 |
|---|---|---|
| Beaufort | 441 596,55€ | - € |
| Bech | 2 597 996,45€ | - € |
| Beckerich | 3 870 791,64€ | 510 000,00€ |
| Berdorf | 1 405 415,14€ | - € |
| Bertrange | 6 411 892,10€ | 200 000,00€ |
| Bettembourg | 49 237 282,28€ | 1 250 000,00€ |
| Bettendorf | 3 617 925,47€ | - € |
| Betzdorf | - € | - € |
| Bissen | 11 039 389,73€ | 12 062 310,00€ |
| Biwer | - € | 1 139 500,00€ |
| Boulaide | 6 252 522,88€ | 216 250,00€ |
| Bourscheid | 544 708,29€ | - € |
| Bous | 168 871,71€ | - € |
| Clervaux | 2 994 951,69€ | 3 000,00€ |
| Colmar-Berg | - € | - € |
| Consdorf | 2 096 763,40€ | - € |
| Contern | 13 077 375,32€ | 9 477 760,00€ |
| Dalheim | 717 151,55€ | - € |
| Diekirch | 28 176 340,43€ | - € |
| Differdange | 51 047 361,84€ | 9 823 425,00€ |
| Dippach | 8 262 494,19€ | - € |
| Dudelange | 11 604 605,09€ | 10 000,00€ |
| Echternach | 53 952 459,98€ | 4 084 300,00€ |
| Ell | 5 643 956,27€ | - € |
| Erpeldange-sur-Sûre | 3 161 451,75€ | - € |
| Esch/Alzette | 33 443 858,69€ | 2 821 000,00€ |
| Esch-sur-Sûre | 7 544 924,92€ | 1 141 050,00€ |
| Ettelbruck | 10 855 311,57€ | - € |
| Feulen | 2 532 664,40€ | 120 000,00€ |
| Fischbach | 67 266,83€ | - € |
| Flaxweiler | 618 362,50€ | 2 500,00€ |
| Frisange | 3 713 709,20€ | - € |
| Garnich | 2 651 841,66€ | 230 000,00€ |
| Goesdorf | 844 861,30€ | 500 000,00€ |
| Grevenmacher | 26 906 409,95€ | - € |
| Grosbous | 5 822 227,80€ | 70 000,00€ |
| Habscht | 2 580 775,02€ | - € |
| Heffingen | 3 878 319,18€ | 700 000,00€ |
| Helperknapp | 19 219 040,64€ | 6 000 000,00€ |
| Hesperange | 1 133 529,73€ | 62 310,00€ |
| Junglinster | 35 442 702,21€ | - € |
| Käerjeng | 3 828 539,60€ | 152 000,00€ |
| Kayl | 17 710 438,39€ | 3 000 000,00€ |
| Kehlen | 19 494 140,03€ | 500 000,00€ |
| Kiischpelt | 4 090 436,83€ | 1 025 800,00€ |
| Koerich | - € | 1 000 000,00€ |
| Kopstal | 174 702,67€ | - € |
| Lac de la Haute-Sûre | 5 727 563,22€ | 15 000,00€ |
| Larochette | 962 863,40€ | - € |
| Lenningen | 151 221,63€ | - € |
| Leudelange | 10 348 271,39€ | - € |
| Lintgen | 4 843 595,23€ | - € |

| Gemeng | Scholdestand | Recetten um Budgetsposten "Vente de terrains" 2022 |
|---|---|---|
| Lorentzweiler | 19 899 484,35€ | 675 000,00€ |
| Luxembourg | - € | 1 381 000,00€ |
| Mamer | 45 770 450,07€ | - € |
| Manternach | - € | - € |
| Mersch | 8 214 983,27€ | 11 260 000,00€ |
| Mertert | 38 654 841,06€ | - € |
| Mertzig | 11 358 337,68€ | 50 000,00€ |
| Mondercange | 22 390 746,87€ | 1 354 000,00€ |
| Mondorf-les-Bains | 447 084,82€ | 810 000,00€ |
| Niederanven | - € | 50 000,00€ |
| Nommern | 1 244 136,80€ | 1 020 500,00€ |
| Parc Hosingen | 833 257,68€ | 2 000 000,00€ |
| Pétange | 3 794 323,32€ | - € |
| Préizerdaul | 6 390 238,71€ | - € |
| Putscheid | - € | - € |
| Rambrouch | 20 630 273,77€ | 2 723 908,00€ |
| Reckange-sur-Mess | - € | 10 000,00€ |
| Redange-sur-Attert | 8 154 219,83€ | - € |
| Reisdorf | 2 775 029,25€ | - € |
| Remich | 11 004 939,50€ | - € |
| Roeser | 21 997 110,40€ | 10 000,00€ |
| Rosport-Mompach | 7 612 225,73€ | 5 000,00€ |
| Rumelange | 4 293 911,77€ | 65 000,00€ |
| Saeul | 1 481 909,02€ | 4 715 829,00€ |
| Sandweiler | 229 368,38€ | - € |
| Sanem | 42 588 250,73€ | 1 600 000,00€ |
| Schengen | 1 448 373,92€ | 8 291 450,00€ |
| Schieren | 2 432 624,24€ | - € |
| Schifflange | 16 429 873,66€ | 1 424 014,56€ |
| Schuttrange | - € | - € |
| Stadtbredimus | - € | 10 000,00€ |
| Steinfort | 18 057 488,95€ | 247 850,00€ |
| Steinsel | 14 314 612,81€ | 1 000 000,00€ |
| Strassen | 6 404 856,45€ | - € |
| Tandel | 8 716 241,82€ | - € |
| Troisvierges | 16 035 320,79€ | - € |
| Useldange | 2 771 357,12€ | 8 250,00€ |
| Vallée de l'Ernz | 218 204,48€ | 530 000,00€ |
| Vianden | 2 087 241,84€ | - € |
| Vichten | 2 577 854,14€ | 1 000 000,00€ |
| Wahl | 11 364 048,03€ | 1 270 000,00€ |
| Waldbillig | 2 010 179,35€ | - € |
| Waldbredimus | 1 019 709,06€ | - € |
| Walferdange | 22 126 137,08€ | - € |
| Weiler-la-Tour | 3 695 996,04€ | 5 000,00€ |
| Weiswampach | 13 195 536,79€ | - € |
| Wiltz | 66 441 493,62€ | 2 355 880,00€ |
| Wincrange | 4 367 577,79€ | 500,00€ |
| Winseler | 2 165 986,22€ | - € |
| Wormeldange | - € | - € |